N°7123
Entrée le 04.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 04.11.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 4. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Mat der Rentrée 2022/2023 gouf d'Kannerbetreiung an de Strukturen, déi dem Chèques-Services-Accueil-System (CSA) ugehéieren, wärend de Schoulwoche gratis. Gläichzäiteg gouf de Plaffong vun 100 Euro pro Kand a Woch ausserhalb vun de Schoulwochen ofgeschaaft. De Präis, dee fir d'Betreiung an de Vakanze muss bezuelt ginn, gëtt elo en Fonctioun vum Revenu vun der Famill, vum Rang vum Kand (Rang de l'enfant) a vun der Unzuel vu Stonnen an der Struktur berechent.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Familljeminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Huet d'Ofschafe vun dësem Plaffong sech bei der Unzuel vun den Aschreiwunge vu Kanner wärend der Allerhellegevakanz bemierkbar gemaach ?
    - Wa jo, ëm wéi vill Prozent sinn d'Aschreiwunge wärend der Vakanz an der Moyenne erofgaangen ?
- Huet d'Regierung Mesure virgesinn fir de Fall, wou d'Gemengen als Bedreiwer vu Betreiungsstrukturen an de Schoulvakanze en Iwwerschoss u Personal hätten ?
    - Wa jo, wéi eng Moossname sinn dat ?
    - Wann net, firwat net ?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Max Hengel

Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner an Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7123 vum dem honorabelen Deputéierte Max Hengel

Ad 1)

Am Joer 2021 sinn 32 % vun de schoulflichtege Kanner, déi an enger Struktur (Crèche, Mini-crèche, Maison relais, Dageselteren) betreit waren, och wärend der Allerhellegevakanz betreit ginn. Dëst Joer (2022) waren et 33 % vun de schoulflichtege Kanner, déi wärend der Allerhellegevakanz betreit goufen. D'Ofschafe vum Plaffong vun 100 € wärend der Vakanzenzäit huet sech also bei der Unzuel vun den Aschreiwunge vu Kanner wärend der Allerhellegevakanz net bemierkbar gemaach.

Ad 2)

Vu datt wärend der Allerhellegevakanz 2022 net manner Kanner betreit goufe wéi am Joer 2021, wäert et och keng Situatioune ginn, wou d'Gemengen als Bedreiwer vu Betreiungsstrukturen duerch d'Ofschafe vum Forfait riskéieren, en Iwwerschoss u Personal ze hunn. Et ass dem Educatiounsministère och keng esou eng Situatioun bekannt.

Lëtzebuerg, de 6. Dezember 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH